Lëtzebuerger Guiden a Scouten

# 8th International Celtic Festival Neihaischen / Schuttrange

Bealtaine Neihaischen

**Léif Cheftaine, Léiwe Chef,**

No zwee Joer Waarden ass et am Mee erëm sou wäit; déi 8. Editioun vum internationale Keltefestival Bealtaine, mat nach méi Animatioun fir Kanner an Familljen. Kommt laanscht a verbréngt en spannenden Dag an der Welt vun de Kelten.

**Horairen:**
Samschdes 19.5.2018: 11h00 – 22h00 / Sonndes 20.5.2018: 11h00 – 19h00

**Programm fir eis LGS-Gruppen:**
Dir hutt och dëst Joer Méiglechkeet mat äre Biber, Wëllefcher, AvEx op de Festival ze kommen, an déi vill Aktivitéiten matzemaachen.
Esou kennt dir eng flott a spannend Sortie fir Kanner organiséieren, ouni am viraus e Programm ze plangen.

**Mir bidden:**
Gratis Entrée fir Biber, Wëllefcher, an AvEx, déi sech als Grupp am viraus umellen,
Flott a spannend Spiller /Ateliere

**Wat muss dir machen:**
Mellt iech w.e.g als Famill, Ruddel, Trupp bis spéitstens den 15. Mee op info@bealtaine.lu un. Deelt eis w.e.g den

1. Numm vum Grupp,
2. Numm vum responsabelen Chef,
3. e-mail Adress,
4. Zuel vun de Kanner a Cheffen,
5. Datum wéini dir kommt,(wichteg aus organisatoresche Grënn)

An der Kees kritt dir är Entréesbänneger

**Programm:**
20 verschidden Ateliere,Infostänn, Verkafsstänn, Demonstratiounen,....
Ateliere a Spiller fir Kanner, wéi Liederbänneger mat kelteschen Symboler stanzen,
Keltesch Schëlter a Schwäerter bastelen, Keramikaarbechten…

Live Concerten(während dem ganze Festival) mat:
Rambling Rovers (Däitschland) ; On The Wagon(Schottland) ; Nuraghi(Belsch)
Luxemburg Pipe Band(Lëtzebuerg); Spirit of the Highland Pipers (Schottland)

Keltesch Animatioun mat Schwäertkämpf, Feierspäizert,
Mir freeën eis op iech!
D‘ Bealtaine Ekipp